

**Evangelium vum Häerz-Jesu-Fest [Freideg an der 3. Woch no Péngschten]
(Joer C)**

Lk 15,3-7

³ De Jesus huet de Pharisäer an de Schrëftgeléierten dëst Gläichnes erzielt:

⁴ "Wie vun iech, deen 100 Schof huet an eent dervu verléiert, léisst net déi 99 an der Wüüst zrëck a geet deem verluerenen no, bis hien et fënnt?"

⁵ A wann hien et fonnt huet, dann hält hien et voll Freed op seng Schëlleren.

⁶ Doheem rífft hien d'Frënn an d'Noperen zesummen a seet zu hinnen: 'Freet iech mat mir, well ech hu mäi Schof, dat ech verluer hat, erëmfonnt!'

⁷ Ech soen iech: Esou ass och am Himmel méi Freed iwwer ee Sënner, deen ëmdenkt, wéi iwwer 99 Gerechter, déi et net néideg hunn, ëmzedenken."